N° 33
Entrée le 10.01.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Fonction publique

**Äntwert vum Här Minister fir d'Fonction publique Serge Wilmes op d'parlamentaresch Fro N°33 vum 23. November 2023 vum honorabelen Deputéierte Ben Polidori**

A senger parlamentarescher Fro, wëll den honorabelen Deputéierte wësse, wéi vill Persounen "an deene leschten 10 Joer beim Staat entlooss gi sinn opgrond vun der 52 an duerno 78 Woche-Reegel".

Déi sougenannten "52 oder 78-Woche-Reegel" betrëfft beim Staat déi Agenten, déi ënnert dem Regimm vum Staatsaarbechter agestallt sinn. Do applizéiert sech dann de Code du travail an de Kollektivvertrag vun de Staatsaarbechter. Duerch déi Laangzäit-Krankmeldunge gëtt den Aarbechtskontrakt net gekënnegt (licenciement), mee en hält op (cessation).

Well et sech net ëm eng Kënnegung handelt, kënnen déi betraffe Persounen erëm beim Staat agestallt ginn.

Zanter 2013 huet bei ongeféier 80 Persounen de Kontrakt op der Basis vun där Reegel opgehal.

Wann een d'Aleedung vum honorabelen Deputéierte senger Fro liest, wou en de Kontext beschreift, schéngt et awer esou ze sinn, dass et net ëm d'Staatsaarbechter geet, wou déi sougenannten "52 oder 78-Woche-Reegel" spillt, mee dass et u sech ëm d'Staatsemployéë geet, déi no längerer oder ville Krankmeldungen de Kontrakt kënne gekënnegt kréien.

Bei de Staatsemployéë gëtt et déi sougenannten "52 oder 78-Woche-Reegel" net.

D'Gesetz iwwert de Regimm vun de Staatsemployéë gesäit vir, dass wann en Employé, deen nach net am Pensiounsregimm vun de Fonctionnairen ass, iwwert eng Period vun engem Joer gekuckt, méi wéi 6 Méint krankgemellt ass, säi Kontrakt ka gekënnegt ginn. Deen Delai vu 6 Méint kann op Basis vun engem ausféierleche medezinesche Rapport ëm 3 Méint verlängert ginn. Duerno gëtt d'Pensiounskeess (CNAP) saiséiert, déi den Dossier da weidergëtt un de Contrôle médical. Op Basis vun de Conclusioune vun engem Kontrolldokter, gëtt dann decidéiert, ob déi betraffe Persoun eng Invaliderent kritt oder net. Wann net, da kann et eventuell sinn, dass déi zoustänneg Kommissioun fir Reklassementer saiséiert gëtt an den Agent en interne Reklassement kritt (eng aner Plaz oder eng Reduzéierung vun der Aarbechtszäit). Wann et net zu enger Invaliderent oder engem interne Reklassement kënnt, da kann de Kontrakt gekënnegt ginn.

D'Konsequenz vun enger Entloossung ass effektiv esou, dass een net méi beim Staat als Fonctionnaire oder Employé kann agestallt ginn.

Well am Gestiounsprogramm vun de Paie vum CGPO keen Ënnerscheed gemaach gëtt aus wéi engem Grond de Kontrakt gekënnegt gouf, kann ech dem honorabelen Deputéierte keng genee Zuelen dozou ginn. Et kann een awer dovun ausgoen, dass an der Moyenne e Grappvoll Leit pro Joer betraff ass.

Lëtzebuerg, den 10. Januar 2024

De Minister fir d'Fonction publique

(s.) Serge Wilmes